



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 5839 vum 28. Februar 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Roy Reding.

1) Kann d'Madamm Minister matdeelen, wéi vill vun dësen 988 Leit géint Pneumokokken geimpft waren a wéi se sech op déi eenzel Alterskategorie verdeelen?

D'Direktioun vun der Santé huet keng Informatiounen iwwert den Impftaux géint Pneumokokken bei Leit déi mat COVID-19 gestuerwe sinn.

Am Kader vun der zukënfteger Digitalisatioun vum Gesondheetssecteur wäert awer een digitalen Impfpass agefouert ginn, deen an Zukunft erlaben wäert, statistesch Analysen iwwer verschidden Impftauxen ze maachen. Dëse Projet wäert ëmgesat ginn esoubal déi néideg legal Basis geschaf ass.

Lëtzebuerg, den 24. Mäerz 2022

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert